N°3130
Entrée le 28.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°3130 vum 30. Oktober 2025 vun der Madamm Deputéiert Diane Adehm betreffend d'Echtzäit-Informatioun vum RGTR-Reseau op de Busarrêten via e QR-Code.**

1. ***Ass de Pilotprojet am September 2024 evaluéiert ginn?***

Jo. De Pilotprojet Nordstad deen den Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten initiéiert huet gouf an deem Zäitraum evaluéiert. Ziel war d'Plaquette mat QR-Code bei 150 Haltestellen an de Gemenge vun der Nordstad ze testen, éier se landeswäit agesat gëtt, mat Fokus op:

- d'Installatioun um Terrain;
- d'Verhalen a Qualitéit vum Material;
- d'Akzeptanz bei der Clientèle;
- d'Pertinenz vun den Informatiounen.

2. ***Wat waren d'Resultater an d'Haaptconclusiounen?***

Am Zäitraum vu Juli bis Oktober 2024 gouf un den 150 Haltestellen eng duerchschnëttlech Notzung vun ongeféier 120 Scans pro Dag registréiert.

An engem Sondage goufen d'Informatiounen als nëtzlech a verständlech bewäert, vun iwwert 90% vun de Befroten déi participéiert hunn.

D'Material vun der Plaquette huet sech bewäert als resistent géint Vandalismus a weist keng Ofnotzung no der Pilotphase op.

Eng aner Erkenntnis vum Projet war, wéi wichteg et ass eng proaktiv a praktesch Mathëllef vun de ‚Services techniques' vun de Gemengen um Terrain ze hunn. Hir Ënnerstëtzung ass elementar, fir d'Visibilitéit vum Projet ze maximiséieren.

Eng zousätzlech Erausfuerderung betrëfft verschidde Busarrêten, déi eng systematesch Inspektioun vun de Schëlderpotoen erfuerderen. D'Existenz vu Poubellen, Muppentuten, Touristeschëlder oder Reklammen, mécht et schwiereg, Plaz fir d'Installatioun vun eise Plaquette ze fannen.

Iwwer de QR-Code op der Plaquette fannen d'Leit direkt déi nächst Departe vun hirem Arrêt, PDF-Horaire vun de Linnen, déi vun do fortfueren, souwéi aktuell Meldungen zu Stéierungen oder Chantieren. Dëst erméiglecht eng vereinfacht a séier Zougrëffsméiglechkeet op déi wichtegst Informatiounen, besonnesch op déi nächst Departen an Echtzäit.

D'Plaquette ergänzt déi aner Informatiounselementer um Busarrêt, stäerkt de Link tëschent Terrain an eiser Fuerplangauskunft mobiliteit.lu, an déngt als visuell Referenz fir den Numm a d'Säit vum Arrêt ze identifizéieren.

Si erlaabt et, souguer op deem klengste Busarrêt am Land op dem Smartphone déi selwecht Qualitéit vun Informatiounen ofzeruffen, déi op grousse Busgaren op elektroneschen Tafelen um Quai ugewise ginn. Dëst ass am Koalitiousaccord esou virgesinn.

3. ***Ass decidéiert ginn, de Pilotprojet ze generaliséieren a landeswäit auszebauen?***

D'Resultater ware positiv, an et gouf decidéiert, de Projet an dëser Form landeswäit auszebauen.

4. ***Wann jo, wéi wäit ass d'Ëmsetzung op der ronn 3700 Bus-Arrêten? Wéi vill Arrête si schonn equipéiert? Wéi vill stinn der nach aus ?***

D'Ëmsetzung vum Projet ass amgaang, mat engem Start vun den Installatiounen ab Dezember 2025. D'Installatioune ginn a Phasen duerchgefouert fir en effiziente Verlaf ze garantéieren: vum Norden, Osten, Westen iwwert de Süden an den Zentrum.

5. ***Wéi dacks pro Mount gëtt d'Homepage iwwert de Wee vum QR-Code-Scan opgeruff ?***

Am Kader vum Pilotprojet Nordstad gouf de QR-Code-Service am Duerchschnëtt ronn 3500 Mol pro Mount opgeruff. Dëst weist eng stabil a reegelméisseg Notzung. Et ass dovun auszegoen, datt d'Bekanntheet an d'Notzung vum Service zouhuele wäert, wann de System landeswäit ausgebaut gëtt.

6. ***Wann decidéiert gouf de Pilotprojet net ze generaliséieren, wat huet dogéint geschwat ?***

D'Decisioun fir e landeswäiten Ausbau ass gefall.

Lëtzebuerg, den 28. November 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes